# Escher PAG  Wunngemeinschaften
## Schrëftlech Äntwerte vum **Martin Kox**

- **Firwat ginn d'Wunngemeinschaften an Eefamilljenhaiser am neie PAG ageschränkt?**

D'Gemeng Esch ass mat engem Phénomène confrontéiert , dass an emmer méi grousser Vitesse d'Eenfamilienheiser op hierem Territoire indirekt verschwannen , well se net méi vun Familjen genotzt gin.
Den Haaptpunkt dobai ass, dass wann eng Colocatioun méigelech ass, dest meeschtens als Konsequenz huet , dass den Loyer vun desem Haus an d'Luucht geet.
D'Gemeng ass confrontéiert mat soi-disant Colocatiounen wou zB 7 eenzel Persounen sech wellen eng Wunneng deelen. Hei ass och ze präziséieren , dass meeschtens net déi 7 Leit sech zesummen din fir eng Colocatioun ze maachen, mee den Propriétaire oder Haaptlocataire Zemmeren mat eenzelnen Kontrakter verlount an et als Colocatioun duerstellt.
Wann déi 7 och jeweils nemmen gingen 500.- pro Persoun bezuelen, dann waeren daat 3500.-€ Loyer , déi een soss nie fir daat Haus ging kréien.
Wann dann also 1 Famill daat Haus wéillt lounen, dann wéillt den Propriétaire secher net méi den Loyer ennert 2000.-€ , deen reel waer.
Wann dann och den Loyer méi héich kéinnt sin, dann ass et als Konsequenz och den Kaafprais vum esou engem Haus , deen an d'Luucht geet.

- **A wéi enge Fäll si Wunngemeinschaften an Eefamilljenhaiser nach méiglech?**

Prinzipiell gellt schon mol , dass Wunngemeinschaften sollen ugefroot gin. Dest ob et an Eenfamilienheiser ass oder an Appartementer.
Dest fir dass am Viraus kann gekuckt gin ob d'Secherheet, d'Salubritéit an d'Habitabilitéit konform sin.
Wann se just déclaréiert gin, an dann direkt ugemellt gett, dann ass et duerno meeschtens esou , dass vill Leit dann erem mussen erausplenneren , well d'Wunneng den Prescritiounen net entsprecht.
Wann een dann freet an wéi engen Fäll Wunngemeinschaften méigelech sin, dann misst een och mol driwer schwetzen waat een ennert Wunngemeinschaft versteet.
De Problem ass wuel vun der enger oder anerer flotter Situatioun geschwaat gett , wéi jidwereen se am Kapp huet oder eng Foto an der Zeitung elo gesin huet. Dest sin awer wuel nemmen Eenzelfäll, wou ganz gaeren och mol guer net konform zum Gesetz an den Règlement Grand-ducal sin , déi lo nawell gaeren emmer erem mat an d'Spillbruecht gin.
Normalerweis ass et awer u sech den Fait, zumindest emol zu Esch, dass ganz einfach just Chambres meublées verlount gin,ouni dass déi Leit och nemmen iergendeppes mateneen ze din hun.
Dofir ass bis dato d'Iwerleeung fir dass an den Eenfamilienheiser déi als solch am PAG désignéiert sin, wuel keng Wunngemeinschaften waerten méigelech sin. An zukünftegen Eenfamilienheiser déi ennert anerem och an eisen neien Quartier'en entstin, kann dest natierlech méigelech gin , well och den Quartier dann vill méi adaptéiert waert sin fir déi nei Wunnformen.
Et ass jo och net ze vergiessen dass do eis Stad sech em 1/3 waert vergréisseren.

- **D'Oppositioun kritiséiert, datt dës agräifend Mesure nëmmen an der Annexe vun der Partie ecrite vum PAG ze fannen ass, an net an hirer Envergure presentéiert gouf, an datt och bis viru Kuerzem onkloer war, wéi dat konkret ëmgesat géif ginn. Wéi eng Schrëtt huet de Schäfferot gemaach, fir d'Aschränkunge vun de Wunngemeinschaften z'erklären?**

Dann misst d'Oppositioun schon méi genau soen,  wou se waat gelies huet. Wéinst allgemengen Aussoen an dorops hin falschen Konklusiounen sin eben just ,an der läscht,ganz vill Diskussiounen zu dem Thema gelaaf.
Ech verstin och net inwiefern d'Oppositioun fend dass daat onkloer waer, well mer haten nun mol awer eng Rei technesch Gemengeréit ,wou eben just ganz kloer iwert d'Eenfamilienheiser geschwaat gin ass. Do war u sech awer parteiiwergraifend en Konsens fir d'Eenfamilienheiser ze schützen an se fir Familien ze réservéieren.

- **Am Lëtzebuerger Land vum 19. Juni seet de Buergermeeschter Georges Mischo, d'Dispositioun géif nach adaptéiert ginn. Wéi eng Adaptatioune si konkret virgesinn?**

Ennert aneren ass viergesin dass een méi flexibel Studenten kann bei sech am Eenfamilienhaus ophuelen. Dest zB fir wann d'Kanner eraus sin, d'Haus awer grouss ass, an een awer nawell gaeren an sengem Haus ging wunnen bleiwen.

- **An der Definitioun am PAG steet, an enger Maison unifamiliale dierften nëmme Persounen zesumme wunnen, déi e "Lien affectif" hunn. Wéi eng Dokumenter gi vun dëse Persoune verlaangt, fir hire "Lien affectif" ze beweisen?**

Daat ass awer elo falsch. Et ass esou dass een eng Communauté domestique muss sin, bestoend aus der Kaerfamill, der erweiderter Famill an Persounen mat lien affektif. Et gin natierlech keng Dokumenter verlaangt. Wann sie dest bei der Umeldung ugin dass sie eng Koppel sin, dann ass daat a mengen Aen ok. Ech muss awer soen dass een do éichter mam zoustännegen Scheffen vum Biergeramt misst schwetzen.

- **De Buergermeeschter huet op e puer Plazen an der Press argumentéiert, d'Zil vun der Dispositioun wier, Abusen z'evitéieren. Huet den Escher Schäfferot d'Erfarung gemaach, datt d'Gesetz vum 20. Dezember 2019 iwwert "critères de salubrité, d'hygiène, de sécurité et d'habitabilité des logements et chambres donnés en location ou mis à disposition à des fins d'habitation" net duergeet?**

Jo, ganz kloer geet et net duer. Dest schon aus dem ganz einfachen Grond well d'Colocatioun do guer net richteg reglementéiert oder définéiert ass. Dofir gett jo och op Regierungssait dorun geschafft.
Vu dass den Phénomène awer zu Esch wéi en Feier em sech graift, wéi gesoot, net am positiven Senn vun den floggen WG'en, mee fir den System auszenotzen, hun maer schon mol probéiert selwer eis Bescht ze maachen eng Léisung ze fannen.
Wann maer elo just op Basis vun Gesetz an Règlement Grand-ducal botzen gin, dann mussen mer wuel villen Leit richteg Probleemer maachen.
Emgedréinnt geet d'Gesetz an den RGD och heiansdo evtl net wait genuch. Dest ass deemols an den groupes de travail schon beschwaat gin, dofir stinn oft critères minimaux! Dran, fir dass d'Autonomie communale och hier Iwerleeungen nach kann mat eranbrengen well d'Situatioun vun Stad zu Stad kann verschiden sinn.